

Eis Serie iwwer den 'Historik' vun der Actioun-Lëtzebuergesch an hirt Schaffen an de leschten 38 Joer mécht fir dës KLACK dem 7. Juni Plaz. Si geet an der Nummer 152 ower weider. Mar ass en Dag, dee fir déi nächst 5 Joer vun eiser Heemecht op all Manéier immens wichtig ass: **Eng nei Chamber gëtt gewielt!**

Vrun exakt 5 Joer hat äre Schreiwert déi grouss Eier, op Invitatioun vum Grand-Duc, **2 Rieden am Colmer Schloss** bei den 'diners institutionnels' fir d'Chamber, de Staatsrot, d'Magistratur an d'Verwaltungsspëtzen ze halen. Dat huet natierlech mat dem Michel Rodange a senger Zäit, grad ewéi mam REENERT an dem RODANGE-PARC vu Wolz zesummegehaang... an et hat ganz konsequent mat de politeschen Ëmstänn, der Chamber an de Politiker vru viru ronn 160 Joer ze dinn. Wien de REENERT an eis Geschicht vun deer Zäit kennt, dee weess, datt **'Demokratie / Wahlen a Wieler' deemools nom Portmonni gemooss** guffen. Manner wéi 2 % vun der Populatioun hunn däerfe 'stëmme' goen oder Kandidat sinn. Am Verglach mat haut huet déi Form vun Demokratie (= d'Vollek ass meeschter!) rosewéineg ze dinn. Eng gutt Ursach, fir mat Merci un all déi ze denken, déi eisem klenge Vollek seng demokratesch Rechter a Fräiheete bruecht hunn... déi mir haut – leider – esou selbstverständlech fannen.

De Rodange huet d'Zoustänn vun em 1865 mat fuussegem Witz op d'Schreif geholl. De Fong ass an eiser Zäit, ee Gléck! en aneren. D'Uluecht vun de Kandidaten huet sech ower net watderdäiwel geännert. Mir stongen am Mee 2004 och just e puer Woche vrun de Wahlen... **do konnt ech mech net enthalen, beim Grand-Duc an all deenen dichtegen Invitéierten 'eng kommen ze loossen'**, déi haut an e REENERT geng passen, am selwechte Versfouss an op deen nämlechten Takt. Vlächicht schmunzt dir grad esou, wéi deemools zu Colmer sympathesch driwwer gelaacht ginn ass:

Léif Volleksvertrieder

Eis Chamber ass zu Biereg
beim Chef vum Land geruff.
Wien d'anert Joer net hei ass,
mouch no der Wahl eng Schnuff.

Beim Grand-Duc ass dat anescht:
hien hält sech fein do 'raus.
Wann d'Kazen sech zerstreiden,
dann ass ee besser Maus.

Mir sinn am volle Fréijoer,
't kënnt alles a seng Bléi;
vill Kandidate sängen
hir Lidder vlächicht ze fréi.

Si bëslen uechter d'Ländchen,
so'n alles an nach méi;
si sinn net auszehidden
an dreschen dacks vill Stréi.

Op allen Ecke laacht iech
hir Sonndeskuck entgéint;
dir mengt 't hätt een s'an d'Landschaft
fir Jéngsterdag geséint.

Lo gläich am halwe Juni
ass all dee Furri aus.
Vun Honnerte just siechzeg
hu Plaz am Krautmaat-Haus.

Si wielen eng Regierung,
an déi gär alles wëllt;
mä d'Problemer, déi bleiwen,
do ass et wou et gëllt!

Mä stellt iech vir, si wieren
op eemol net méi do,
déi Schwaarz, déi Gréng, déi Orange,
déi Rout an och déi Blo...

dann hätte mir keng Fräiheet,
keen demokratescht Land,
fir dat sech eis Ureltren
geplot hunn a geschannt.



Dir fannt dat klengt Gedicht, ënner ganz villen aneren, och a mengem neie Buch **MILLY-MAUS**, dat vum Carlo Schneider, dem Nuckes Feider, dem Fons Biver an dem Olivier Jaminon wonnerléif illustréiert guff; dir kritt et an alle Bicherbutteker, mat enger CD vum kompletten Text, (145 Säiten) fir 26,50 €.

Eng Ëmfro iwwer eis Sprooch?

Mat deene Méiglechkeeten, déi haut bestinn, ass et natierlech net ze schwéier/deier, eng Ëmfro iwwer eis Sprooch an der Constitutioun ze organiséieren. Mir hätten dat och an de leschte Méint kënnen op d'Been bréngen, sinn ower der Meenung, datt esou **eng seriös Actioun an eng politesch méi roueg Zäit** gehéiert. Da gëtt **keng klengkarréiert PARTEI** politesch Fuddelerei draus gemaach, wou et jo am Fong net em d'Saach mä em Stëmmefänkerei Sëtzer geet.

Mir hu ganz **bewusst och keen 'Hierdebréif' un d'Parteie geschéckt**, fir äis hir Positioun an der Sprooch-Saach schrëftlech ze froen. Déi Äntwerten hunn dach ëmmer op d'mannst 3 Gesichter, sinn 'diplomatesch' a Sëlwerpabeier agewéckelt a soen äis, datt deen nächste Schnéi bestëmmt wäiss ass.

Dir kënnt ower sécher sinn, datt mir **an nächster Zäit eng Ëmfro-Actioun** starten, déi sech op all 'Printmedien' an Internet-Méiglechkeete stäipt. Do gëtt **eng klor Fro** gestallt, op déi et **nëmmen eng däitlech Äntwert** ka ginn: JO oder NEEN! ■ AL

Ceterum censeo... (31)

Zënter 3 Joer gëtt hei an eiser KLACK e Feierche fir eis Sprooch an der Constitutioun un der Glous gehal. Et sinn all méiglech Ursaachen an Argumenter op den Dill komm, déi jiddereen, och en 'Net-Spezialist', konnt verstoen. Mir waren äis mat den Haapt-Fraktiounen vun der Chamber (1999–2004) iwwer de Prinzip an esouguer en Text eens... Mä **nom Juni 2004 ass eng Majoritéits-Chamberfraktioun ëmgefall**, déi virdru beegeschtert war, déi fir eis Réunioun deemools esouguer extra e Photograph vun 'hiner' Zeitung fir deen Dag bestallt hat... do guff op eemol gefaart, eis Sprooch am Grondgesetz giff d'Nationalitéitsgesetz behënneren. Mä...

de Combel: Just déi Partei war da virop, fir den auslännesche Matbierger, déi Lëtzeburger wëlle ginn, nach 2 Joer weider Presenz am Grand-Duché op déi 5 vu virdrun opzebockelen... an dann och nach ausgerechent **eng Sproochobligatioun an d'Gesetz** ze bauen, déi absolutt iwwerdriwwen an net zeideg ass! Aus purer Verbrueetheet guff **weider géint d'Lëtzebuergesch als Nationalsprooch am Artikel 29 vun eisem Grondgesetz oponéiert**. Méi onkonsequent (mir sinn héiflech) geet et jo ower net... da soll een sech nach wonneren, datt 'anerer' sech aus purer Parteiprofil-Taktik d'Sprooch op de Fändel schreiwten.

Dofir si mir glat net rosen, datt **den Här Paul-Henri Meyers**, President vun der 'Verfassungscommissioun', op eng intelligent Fassong Rou an dat Trauer-Spillche kritt huet: Hien huet praktesch dofir gesuergt, datt d'Fro 'Sprooch an der Constitutioun' eng (verstänneg) Saach vun deer neier Chamber gëtt. Merci, Här Meyers! ■ L.R.

Net wichtig... an ower!

Bei de Wahle fir eis Chamber, d'EU-Parlament oder d'Gemengen huet eis Sprooch **sengerzäit en typeschen Ausdrock** gemaach, deen am Fong méi no un d'Saach erukënnt. Jidderee vun äis huet do genee esouvill STËMMEN zegutt wéi Sëtzer ze verdeele sinn. **Mir ginn also eis Stëmmen...** an dofir ass ëmmer gesot ginn, mir giffe 'stëmme' goen: onverwiesselbar EISES!


Am Däitsche fannt dir 'stimmen gehen' net, oder et wier lächerlech. Am Franséische komme mir ewell méi no: exprimer un vote, voter pour qn.; d'Englescht ass do op deerselwechter Sproochlinn, d'Italiénescht grad esou, an dat Portugisescht net wäit dovun. **Firwat solle mir dann net 'stëmme' goen, aplaz 'wielen'?** ■ H.M.

25 Joer...

sinn et elo hier, datt mir e Gesetz hunn, an deem et em eis Sprooch geet. Dat war deemools net einfach op de 'Leescht' ze kréien, an **d'Iddi** dovun, grad ewéi **den Iddi** dofir waren – wéi dat esou dacks an der Chamber de Fall ass – an enger 'Motioun' vun e puer Joer virdrun einfach am Tirang entnäipt. Mir hunn äis ower net ginn. Fir eisem 'Gestëppels' aus de Féiss ze kommen, huet de Staatsminister Pierre Werner sech 1983 'mëll klappe' gelooss... de 24. Februar 1984 stong d'Gesetz am 'Mémorial'. Et hunn der vill den déiwe Sënn an laangen Aarm dovun net matkritt, ower **haut wësse mir, wat et wert war!**

Firwat dann elo dodrun erënneren? Mä well mir um Stack vun deer 'Legislatioun' am Fréijoer '84 konnte mat Recht (an senger ganzer Bedeitung) verlaangen, datt déi franséisch an däitsch 'technesch' Plakat-Texter an de Wahlbureauën och eng lëtzebuergesch Iwwersetzung sollte kréien. Dat huet geklappt! Mam Här Inspekter Emmanuel Servais vum 'Service de législation' am Staatsministère als 'Oppassert' – intressanterweis en Nokomme vun deem Staatsmann mam selwechten Numm, deen 1867 beim 'Traité de Londres' esou eng enorm wichtig Roll fir eist Land gespilt huet! – sinn all déi Texter iwwersat ginn... an dir fannt se nach haut an deenen néidegen offizielle Schrëftstécker/Plakaten. **Ass dat wichtig? Dat muss jidderee mat sech ausmaachen.** An senger Symbolik huet et ganz sécher bis haut – a just grad haut – kee Jota verluer! Oder? ■ P.W.

Kommt a sangt alleguer mat!



eng eemoleg Extra-Organisatioun vum **'LËTZEBUGER MÄNNERCHOUER 1989'** zesumme mat der Actioun-Lëtzebuergesch an der 'Entente des Sociétés de la Ville de Wiltz' Direktioun: Edith Wolter – Piano: Claude Heuschling
e flotte Concert mam Chouer... a mat de Leit! Jidderee kann seng léifste Lidder mat 'schmutteren'. Eist **Lidderbuch** (200 Säiten / Text an Nouten) ass am Entrées-Präiss (10 €) dran!

zu **Gasperech:** sonndes – 14. Juni – 17.00 Auer am Sall bei der Kierch
zu **Wooltz:** sonndes – 21. Juni – 17.00 Auer an der Primärschoul/Schoulbeierg